PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Groussregioun & Gesondheet weiderzeleeden.

Covid-Impf-Certificaten a Certificats de rétablissement, déi vun engem EU-Land ausgestallt goufen, ginn an der Reegel och an aneren EU-Länner unerkannt. Ausname gëtt et allerdéngs, wa Länner vun den EU-Reegelen oofwäichen an hiren Awunner z. B. e Certificat de rétablissement ausstellen op Basis vun engem postiven certifizéierte Schnelltest, esou wéi dat a Frankreich de Fall ass. Dës Certificaten ginn net iwwerall unerkannt - och net zu Lëtzebuerg, wou e PCR-Test muss virleien fir esou e Certificat.

Grad fir Frontalieren, déi tëscht Frankréich a Lëtzebuerg pendelen, kënnen dës Ënnerscheeder awer problematesch ginn, wa si mengen, si hätten e gëltege Pass, an hei am Land dann awer gesot kréien, si hätte kee gëltege Covid-Check an dirften dofir bspw. net op hier Aarbeschtplaz.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der Ministesch bekannt, dass Frankräich Certificats de rétablissment ausstellt, déi hei zu Lëtzebuerg net unerkannt ginn?

2. Wat kann eng Persoun maachen, déi e franséische Certificat de rétablissement besëtzt op Basis vun engem Schnelltest a wärend hirer Covid-Infektioun kee PCR-Test gemaach huet, dee si am Nachhinein nach bei der Santé aschécke kéint? Kann dës Persoun een zu Lëtzebuerg gëltege Certificat kréien, oder besteet hei keng Méiglechkeet de franséisch Certificat unerkennen ze loossen?

3. Ass d'Regierung a Kontakt mat den Nopeschlänner fir eng Harmoniséierung vun de Passen/Ticketen/Certificaten an der Groussregioun unzestriewen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député